



Rapport vun eiser Generalversammlung de 24.3.2022 an der Dikrecher Schoul

1. Et wore 16 Persoune op d'Assemblée komm, déi de neie President Paul Donceel häerzlech begréisst huet. Hien huet och der Gemeng Dikrech Merci gesot fir zur Verfügung stelle vun de Säll.
2. Betreffend de Réckbléck op 2021 bleift ze bemierken, dass,wéi schonn dat Joer virdrun, alles ënner Corona gelidden huet.

Trotzdeem hunn eng Partie Koppelen reegelméisseg de Wee an eisen Trainingsall font.

E groust Evenement war den Danzcamp Lions Cup, de mer zesummen mam DSB an RWB vum 29.10. bis den 1.11.organiséiert haten.Hei koumen op Initiativ vun der Weltmeeschterkoppel Segatori, iwwer 50 international Koppelen aus D, F, I, NI, CH a natierlech och Lëtzebuerg, zesummen. Eise Club an den DSB, huet deenen 10 Koppelen,déi vun ons als Spectateuren ,Schafferten an och Dänzer, derbäi waren, d'Owesiessen no der Kompetitioun, bezuelt.

Dëst Joer 2022 hu mer scho verschidde nei Aktivitéite gemaach déi e schéine Succès waren. De Neijoerschdanz den 30.1. an de Fréijorsdanz de 6.3., all Kéiers am Sall zu Gilsdorf, deen den DSB fir eis organiséiert hat.

De 19.3. ware mer an de Bësch op Lellingen spadséieren fir do d'Lohrblummen ze bewonneren. Onnéideg ze soen, dass mer natierlech no all Aktivitéiten gutt iesse waren.

Et steet och scho fest, dass mer eist Grillfest de 26.6.2022 nees an der Bëtteler Gare organiséieren. Och wäerten dëst Joer nach aner Aktivitéite kommen.

Eng Ännerung ass och, dass mer eisen Trainingsall zu Dikrech elo Donneschdes Owes zur Verfügung hunn. Nach dëss Saison kënne mer awer och Mëttwochs kommen, no Ofsprooch mat engem Comité-Member.

3. Presentatioun vum Ofschloss vun der Kees (op den 31.12.2021) Keessjee Paul Koenig. D'Keeserevisoren Claudine Pesch a Felix Dengler (als Remplaçant vum Anny Haas, dat verhënnert war) an och de Keessjee kruten Decharge vun der Assemblée.

4. De Betrag vun der Cotisatioun fir 2022 bleift onverännert, dat heescht 30€ pro Koppel fir de Club4dance, a 50€ fir Member an deenen zwee Klipp (C4d an DSB) ze sinn.

5. De Comitémember Claudine Schockmel, trëtt aus dem Comité zeréck, mä bleift Member vum Club.

Dofir kënnt d'Denise Donceel- Siebenaller nees an de Comité zeréck.





De Sekretär Paul Koenig iwwerhëlt och d'Funktione vum Vizepresident.

De Comité besteet also nees aus 7 Memberen:

President: Paul Donceel
Vizepräsident: Paul Koenig
Sekretär: Paul Koenig
Keessjee: Margot Dengler
Webmaster: Sylvie Koenig-Scholtes
Member: Francine Leboutte
Member: Henri Leboutte
Member: Denise Donceel-Siebenaller
Keeserevisoren: Claudine Pesch an Anny Haas

6. Dono koum dee wichtigsten Deel vum Owend: E gutt lesse bei enger flotter Ambiance am Restaurant "beim Charel" zu Dikrech.

Paul Koenig, Sekretär

